Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

association sans but lucratif
*reconnue d'utilité publique*

Bilsdorf Guide and Scout Centre · Neihaischen Guide and Scout Centre · Fënsterdall Scout Campground · LGS shop by Lessure Workwear

# Newsletter

***Léif Memberen a Frënn,***

*Kuerz virun de Summercampen wëlle mer hei nach ee klenge Réckbléck maachen, wat dëst Joer an der a.s.b.l. schonns esou geschitt ass. No der Generalversammlung konnte mer een neien PR-Responsabel fannen, am Fréijoer waren d'1.-Mee-Feier an d' Bilschdreffer Kiermes an um Neihaischen gëtt wieder gebaut.*

*Am Ufank vum neie Guiden- a Scoutsjoer wäerte mer nees mam Shop an engem Atelier um Chefdag vertruede sinn a mir mussen ons intensiv mam neien a.s.b.l.s-Gesetz ausernaner setzen.*

*Vun dëser Plaz aus wënschen ech am Numm vun der ganzer asbl vun den LGS vill Spaass beim Liesen an eng erhuelsam Vakanz,*

***Eric***




## After-Work fir eis Mataarbechter

De Conseil d'administration hat Donneschdes, de 15. Juni ee **gemittlechen Owend** organiséiert fir all de Mataarbechter déi joran a joraus der a.s.b.l. fräiwëlleg hëllefen Merci ze soen. An enger gemittlecher Atmosphär hu mer den Owend beim Chalet vum **Nidderaanwener Grupp** verbruecht an e puer flott Stonnen gehat.

## Neie Responsabel fir PR

Mam **Lucien Schilling** hu mer een neien Mataarbechter fonnt, deen sech ëmt eise PR këmmert. De **Conseil d'administration** huet de Lucien am Juni cooptéiert, esou wéi dat op der Generalversammlung décidéiert gouf. Mir wënschen dem Lucien vill **Spaass** bei senger neier Beschäftegung.



# **Qualitéit** vun de Foularden

Momentan ginn et verschidde **Problemer** mat der Qualitéit vun de Foularden déi iwwert den LGS-Shop verkaf ginn, dee vun der a.s.b.l. vun den LGS géréiert gëtt.

Am Joer 2022 ass d'a.s.b.l. ee Partenariat mat der **ONGD Guiden a Scouten fir eng Welt** vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten agaangen, fir d'Foularden am **CIFOP (Centre International de Formation Pratique)** am Senegal bitzen ze loossen an doduerch engersäits d'Entwécklungsaarbecht vun onser ONG z'ënnerstëtzen an anerersäits jonk Leit am Senegal ze hëllefen.

Den CIFOP besteet zanter 1988 a gouf deemools op Initiative vun de **Lëtzebuerger Scouten** gegrënnt. D'Foularde gi vu Studenten aus der Filière "couture" gebitzt an et ass keng industriell Produktioun.

Ier mer déi éischt gréisser Quantitéiten Foularde bestallt haten hate mer Échantillone gefrot, déi och eise Critèren entsprach haten. Leider ass déi **Qualitéit** awer nett konstant an esou sinn och mannerwäerteg Foularden an de Verkaf geroden.

Eis sinn zwou Saache wichteg. Engersäits wëlle mer mat dësem Projet weiderfueren, well mer dëst als geliewten **Entwécklungshëllef** gesinn, mee anerersäits wëlle mer eng tipp-topp Qualitéit verkafen. Dowéinst hate mer Gespréicher mat de Responsabelen vun der ONGD an dem CIFOP an hunn nei **Qualitéitscritèren a -kontrollen** agesat a setzen alles drun fir dass d'Foularden nees an der gewinnter Qualitéit verkaf ginn.

Wann een net mat der Qualitéit vu sengem Foulard zefridden ass, kann en e gären an den **LGS-Shop** ëmtausche kommen.

Ganz wichteg ass awer ze bemierken, dass onse Partner vum LGS-Shop, **Lessure Workwear**, **NÄISCHT** mat de Qualitéitsproblemer ze dinn huet.

Eric Eifes
**LËTZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN A.S.B.L.**
**PRESIDENT**






# Campplaz Fënsterdall

De Fënsterdall ass en ideale „**Back-to-the roots**“ Terrain fir Camp'en oder Hikeschlofplazen ze organiséieren: egal ob Summer oder Wanter, Hierscht oder Fréijoer, **d'Campplaz Fënsterdall** ass elo d'ganz Joer op, sief et fir e Branchen- oder Gruppecamp, national oder international, fir eng Etapp um Hike oder einfach fir eng Hierscht- oder Wanteraktivitéit. Op der Plaz ass e Refuge mat enger amenagéierter Feierplaz ronderëm déi e Saatz néie Bänken aus Eechenholz opgestallt goufen an déi d'Uuchten vill mi gemittlech maachen. Konstruktiouns- a Feierholz kritt all Grupp op Ufro op d'Plaz geliwwert. Wann s du méi gewuer wëlls gi iwwert eng vun den **eelste Campplazen** an der Mëtt vum Land net wäit vum Krounebierg, dem **geographeschen Zentrum** vu Lëtzebuerg mat senger schéiner Schwämm am Dall vun de **„Siwe Schlässer“**, da fro no ënnert

**fensterdall@asbl.lgs.lu**







# D'Éischt-Mee-Feier 2023 um Neihaischen:

## „Pak mat un!"

Den **1.Mee 2023**, dat waren dës kéier **80** léif Léit déi bei äis op Besuch koumen: jidderengem säi Matmaachen ass eng wichteg Unerkennung fir ons benevole Equipe déi d'ganzt Joer um Neihaischen am Déngscht vun onse Guiden-, Scout's- a Jugendgruppe schafft.

D'Éischtmeefeier war och d'Geleeënheet fir eng flott **Guiden- a Scoutsmass** ze feieren, eng emouvant Zeremonie mat de **Scoutsresistenzler** bei der Kapell an e léiwe Konveniat herno fir jiddereen.













Ronn **180 Liter** hausmaacher **Zopp** goufe fir dësen Éischte Mee selwer gekacht: no den offiziellen Aweiunge vum Hellege Georges an dem beweegleche Reen- a Sonnendag iwwert der Terrasse goufe bal **80 Liter** Gulaschzopp, **60 Liter** Ierbsebulli, **20 Liter** Rëndsbritt an **20 Liter** Geméiszopp op der Plaz giess, matgeholl oder heemgeliwwert.

Selwergemaachen **Éischt-Mee-Bowle** a fruuchtege **Fréijoersbéier** vum Neihaischen hunn den Duuscht geläscht fräi nom Motto „Schëppebéier drénkt sech séier" an eng hausmaacher **Kaffisstuff** huet all di séiss ënnert ons zeguddst verwinnt. E bësse mi kniwweleg war et mat dem **Jeopardy**: deelweis mi einfach Froen, mee deelweis Äntwerten déi een nëmme fonnt huet wann ee sech getraut huet nozefroen...

Merci jidderengem deen dës kéier matgemaach huet: vu moies frei un fir seng Hänn ofzemolen à la Pak-mat-un an der Mass bis owes beim Ofrappen an Apaken.

Reservéier dir elo schonn den **1.5.2024**: vu, datt Schaltjoer ass feiere mer onst **Chalet'sfest** d'nächst Joer matzen an der Woch; komm einfach och laanscht **a pak och du eng Hand mat un.**

De Comité Neihaischen

# **50.** Editioun - Bilschdrefer Guide/Scoutskiermes

Et war **1971** wou sech fir déi éischte kéier, vill Leit zesumme fonnt hunn fir op Christi-Himmelfaart, am **“Relais de l’Amitié”**, den am Joer virdrun vum deemolegen Verband vun de Lëtzebuerger Guiden kaf gi war, een flotten Dag op der éischter **Bilschdrefer Kiermes** ze verbréngen.



Am Laf vun de Joren hunn d’Aktivitéiten an Thema’en op de Kiermes’en oft gewiesselt, heiansdo waren et méi grouss, heiansdo méi kleng Aktivitéiten et gouf Atelier’en, Kannerspiller, Museksgruppen, Aweiungen, Mass’en an Träppeltier. Dëst Joer hu mir den 18. Mee 2023 op Christi-Himmelfaart eis **50. Kiermes** gefeiert mat engem gudden **Kiermesmenü** an engem flotten interaktiven **Fotosrallye** duerch eist schéint **Bilschdref** mat enger spiritueller Aktivitéit zum Thema **“Mäin, Däin, Eist Bild vu Gott”**.

Bäi **sonnegem Wieder an mëllen Temperaturen**, haten sech eng séllegen vun eise Memberen, eng **däitsch Guide/Scoutsgrupp** a Leit aus der Ëmgéigend zu Bilschdref afonnt, fir e **gemittlechen Dag** mat eis ze verbréngen. Um Programm stoungen een gudden **Kiermesmenü** an/oder Participatioun un eisem “Actionbound” Fotosrallye. Esou wéi den Titel vum Rallye **“Komm, Kuck, Klick, Korbeille“** op eiser Invitatioun et schonns ugedeit huet gouf et och eppes ze gewannen, eng lecker Corbeille mat gudde Saachen aus der Regioun. An de **Gewënner** vun der Corbeille ass mat **1595** Punkten, **d’Ekipp Jason** virun den **Ekippen Thalazur** mat **1565** an **Marc H.** mat **1465** Punkten.

Den Ekippen an all de Leit déi den 18. Mee, um **Fotosrallye** matgemaach hunn an/oder op der Kiermes waren, een grousse **MERCI** vum **Comité Bilsdorf** an hire **Mataarbechter** a bis nächst Joer, den **9. Mee 2024** wou mir dann **Christi-Himmelfaart** an den **Europadag** zesumme feiere kënnen !

Een extraen Merci, der **Fondatioun LGS** fir d’Actionbound Lizenz a speziell dem **Marlen** aus der Géisserei fir seng Hëllef ! Den “**Actionbound” Fotosrallye** wäert och no der Kiermes **aktiv bleiwen** a kënnen vun de Gruppen oder privat Leit déi op **Bilschdref** kommen, gespillt gi.

---




Den **LGS-Shop by Lessure** an der Origerstrooss op der Gare léisst seng Diere vu **Méindes, den 31.7 bis den 15.8 inclus zou.** Duerno ass de Shop nees zu senge gewinnten Zäiten op: **Méindes–Samschdes 10:00 - 18:00 Auer**!

Den **Tramsarrêt** „Paräisser Plaz“ ass 1 Minutt vum LGS-Shop ewech. Och mam **Zuch** a mam **Auto** bleift den LGS-Shop weiderhinn gutt erreechbar. Genuch Parkplaze ginn et an de Parkinger **Neipperg a Rocade**. Vun hei aus ass een an e puer Minutte beim Shop.

**TEL: 2694 5656 • LGS.LU/SHOP • SHOP@ASBL.LGS.LU**

LGS shop by LESSURE WORKWEAR

**Congé annuel vum 31.7 bis den 15.8**


---